# Ouljer Musek a.s.b.l.

## Rapport Generalversammlung vum 9. Mäerz 2025

Sonndeg den 9. Mäerz 2025 um 11.00 Auer am Festsall zu Ouljen.

## Dagesuerdnung:

-

**1. Begréissung vum President**

De President Jo Steffes begréisst déi 65 Memberen an aner Invitéeën déi sech op der Generalversammlung afonnt hunn, dorënner d'Schäffe Marie-Claire Ruppert, an Olafsur Sigurdson, de Conseiller Jim Meisch, d'Vertriederin vun der UGDA d'Mme Arlette Wagner-Heitz an d'Éierepresidente Raymond Lepasch a Paul Meyers.
De President bedankt sech bei de Musikanten a Jugendmusikanten, dem Dirigent Marc Garson an dem Comité fir hiren Asaz am Joer 2024. E Merci adresséiert hien och un d'Gemeng fir hier finanziell a materiell Ënnerstëtzung, un d'UGDA fir hier Hëllef bei musikaleschen an administrative Froen, un eis Sponsore fir hier finanziell Ënnerstëtzung, a schlussendlech un all d'Läit déi eis reegelméisseg op eise Fester a Manifestatiounen hëllefen.

**2. Aktivitéitsrapport vun 2024**

De Sekretär Paul Kieffer mécht e Rapport vun den Aktivitéite vum ganze Joer 2024.

**3. Keeserapport**

D'Tresorière Sandra Weyer-Hall presentéiert de Bilan vun 2024, deen trotz engem gudde Joer mat engem Defizit ofschléisst. Dësen Defizit erkläert sech duerch d'Ausgabe fir e gemeinsamen Ausfluch fir d'120 Joer Feier, souwéi d'Uschafen vun 2 grousse Klappzelter déi de Veräin fir seng Manifestatioune brauch.

**4. Budget 2025**

D' Sandra Weyer-Hall presentéiert de previsionnele Budget fir 2025. Haaptposten sinn hei Revisioune fir Instrumenter, den Akaf vun Uniformen an anert Gezei, souwéi d'Ushafe vun enger Museksbox, engem neie PC an engem Scanner fir Nouten ze digitaliséieren.

**5. Rapport vun de Keeserevisoren**

D'Keeserevisore Michèle Biel a Luc Girst bestätegen dass si d'Kees a Konte kontrolléiert hunn a keng Onreegelméissegkeete konnte feststellen. Sie bieden d'Versammlung d'Keessière ze entlaaschten.

6. **Entlaaschtung vum Comité an de Rapporten duerch d'Generalversammlung**

Op Nofro vum President Jo Steffes gëtt d'Versammlung hir Entlaaschtung zu de gehéierte Rapporten. Déi aktuell 11 Comitésmembere sinn austriedend a nei wielbar. Sie kréien no Entlaaschtung vun der Versammlung hiert Mandat fir 1 Joer verlängert

**7. Wiel vun de Keeserevisoren**

Op Nofro vum President erklären sech déi aktuell Keeserevisore Michèle Biel an Luc Girst bereet fir hiert Mandat nach emol 1 Joer ze verlängeren. D'Versammlung hëlt dat eestëmmeg un.

8. **Wiel vun neie Comitésmemberen**

Et gëtt keng nei Kandidatur op e Posten am Comité vun der Ouljer Musek.
De Comité besteet also weiderhin aus 11 Memberen:

STEFFES Jo
GOEDERT - MESENBURG Sandra
WEYER - HALL Sandra
KIEFFER Paul
ELCHEROTH Steve
GOEDERT Tom
KRIER Jacques
MEISCH Jim
MEISCH Liss
STEFFES Pierre
STEFFES Remy

9. **Programm 2025**

De Programm 2025 gëtt a Form vun engem Flyer un d'Invitéeë verdeelt, a kuerz vum Sekretär presentéiert.

10. **D'Wuert vum Dirigent**

Den Dirigent Marc (Sigi) Garson bedankt sech beim President, beim Comité a bei de Musikanten a Jugendmusikanten fir déi gutt Zesummenaarbecht. Obwuel hien ewell iwwert 10 Joer Dirigent vun der Ouljer Musek ass, mecht d'Aarbecht mat de Musikanten him nach ëmmer Spaass, an hie gedenkt dat och weiderzeféieren. De Jugendstage deen och dëst Joer

zesumme mat der Schierener an der Centser Musek vum 28. Februar bis den 2. Mäerz zu Lultzhausen an der Jugendherberg organiséiert ginn ass, war eng wäertvoll Erfarung fir déi jonk Musikanten an huet hinne vill Spaass bereet. D'Jugendaarbecht bleift weiderhin wichteg an de Stage huet bewisen dass si um gudde Wee sinn. En Austauschconcert mat de "Kirchdorfer Musikanten", e Veräin deen hien bei engem Dirigente-Stage kennegeléiert huet, ass geplangt. Sou schnell wéi méiglech, mee net méi spéit wéi an eisem Jubiläumsjoer 2029 sollen déi Kirchdorfer eis op Ouljen besiche kommen. Selbstverständlech plangt d'Ouljer Musek dann och en Ausfluch mat Concert zu Kirchdorf a Bayern. Fir deene Kirchdorfer eise Veräin ze presentéieren huet hien e flotte Video mat eisen Highlights zesummegestallt, deen no der Versammlung dem Publikum virgestallt gëtt.

**11. D'Wuert vun der Gemeng**

De Schäffen Olafsur Sigurdson begréisst sämtlech Memberen an Invitéeë vun der Versammlung. Hien freet sech op der Generalversammlung vun der Ouljer Musek kënnen derbäi ze sinn. Hien betount d'Wichtegkeet vu staarken an aktive Veräiner, wéi d'Ouljer Musek, déi iwwert dat ganzt Joer d'Awunner vun der Gemeng a vun Auswäerts op hir Concerten, Fester an aner Manifestatiounen unzitt. Materiell Ënnerstëtzung souwéi Subsiden si weiderhin vun der Gemeng garantéiert. D'Locatioun vun de Gemengesäll kënnt e grousse Succès, wat et de Veräiner oft schwéier mécht en Termin ze fannen. En neie Reservatiounssystem soll et de Veräiner erméiglechen wärend enger bestëmmten Zäitfënster prioritär virun de Privatpersoune behandelt ze ginn, an hir fix Rendez-vousen vun Manifestatiounen am Terminkalenner garantéiert ze hunn. Den Olafsur informéiert d'Versammlung dass hien selwer innerhalb vum Schäfferot fir d'Veräiner zoustänneg ass, an deemno den direkten Uspriechpartner ass. Hien freet sech op eng weiderhin gutt Zesummenaarbecht, a wënscht der Ouljer Musek fill Erfolleg an hiren Entreprisen.

**12. Festleeën vum Membersbäitrag fir 2025.**

De Virschlag vum Comité fir de Membersbäitrag fir 2025 op 15,-€ ze beloosse gëtt eestëmmeg vun der Versammlung ugeholl.
De Membersbäitrag ass per Iwwerweisung oder Payconiq ze bezuelen.

**13. Iwwerreechen vun UGDA-Medailen mat Usprooch vun der UGDA Vertriederin**

D'UGDA Vertriederin Mme Arlette Wagner-Heitz mécht zesumme mam President Jo Steffes an dem Schäffen Olafsur Sigurdson d'Iwwerreechung vun den UGDA Auszeechnungen.

Ausgezeechent ginn:

Medailen UGDA

| Persoun | Médail | Déngschtzäit UGDA |
|---|---|---|
| Claire Goedert | Médaille de mérite en bronze | 10 |
| Mil Steffes | Médaille de mérite en bronze | 10 |
| Jacques Krier | Médaille de mérite en argent | 20 |
| Diane Steffes | Médaille de mérite en vermeille avec palmette | 40 |

Usproch vun der UGDA Vertriederin:

D'Madamm Arlette Wagner-Heitz freet sech elo schonn fir déi drëtte Kéier op der Generalversammlung vun der Ouljer Musek als UGDA Vertriederin derbäi ze sinn, a bedankt sech fir de gudden Empfang. Si bewonnert de Veräin fir déi vill Aktivitéiten déi si iwwert dat ganzt Joer organiséieren, a gratuléiert de Memberen déi haut mat Medailen ausgezeechent gi sinn. Dem Veräi wënscht si weiderhin vill Erfolleg.

**14. Iwwerreechung vun Auszeechnungen Ouljer Musek .**

De President Jo Steffes iwwerreecht follgend Auszeechnung vun der Ouljer Musek:

| Persoun | Auszeechnung | Déngschtzäit Ouljer Musek |
|---|---|---|
| Mill Steffes | Bong fir eng Auer am Wäert vun 350.-€ | 10 Joer |

Auszeechnunge fir de meeschte Prouwebesuch:

Eng Fläsch Cremant fir:

1. Steve Elcheroth : 41 vun 43 Prouwen
2. Remy Steffes, Paul Kieffer : 40 vun 43 Prouwen
3. Marie-Jeanne Molitor : 39 vun 43 Prouwen

**15. Spendenaktioun.**

D'Kollekt vun eisem Chrëschtconcert 2024 huet no Oprënnen duerch d'Ouljer Musek net manner ewéi 2.500€ abruecht. De Comité huet decidéiert fir den Erléis vun der Kollekt dëst Joer un d'A.s.b.l. De Leederwon vu Betzder ze spenden. De President Jo Steffes an d'Keessière

Sandra Weyer-Hall freeën sech de Scheck un den Här Peter Aendekerk, Virsetzenden vun der a.s.b.l. Leederwon perséinlech ze iwwerreechen**.**

**16. Verschiddenes a fräi Aussproch**

Keng Bemierkung

**17. Schlusswuert vum President.**

De President kënnt kuerz op Projeten vun der Ouljer Musek ze schwätzen déi realiséiert gi sinn, dorënner d'Bereetstelle vun enger Internet-Cloud fir sämtlech Dokumenter, Fotoen, Filmer a.s.w., déi also alles zentral stockéiert. Et bleift hei vill Aarbecht ze maachen, soudass jidder Fräiwëllegen wëllkomm ass. Och huet d'Ouljer Musek eng eegen E-Mail Adress kritt : ouljermusek@outlook.com. D'Applikatioun genannt „Konzertmeister", ass och realiséiert ginn an ass mëttlerweil net méi aus dem Alldag vum Veräin ewechzedenken.
E weideren Challenge fir de Veräin war et seng Statute nei ze schreiwen, a se un dat neit a.s.b.l. Gesetz vum 7. August 2023 unzepassen. Dat ass am Laf vum Joer gemaach ginn, an déi nei Statute sollen an der uschléissender extraordinärer Versammlung vun de Veräinsmembere guttgeheescht ginn.
De President weist och nach emol drop hin dass d'Ouljer Musek 2029 hir 125 Joer wäert feieren. Heifir soll net méi spéit ewéi 2025 en Organisatiounscomité gegrënnt ginn. Fräiwëlleg Mataarbechter si wëllkomm a kënne sech elo scho mëllen.
Hien bedankt sech nach emol béi der Versammlung, beim Dirigent, Musikanten a Comitésmembere fir d'Aarbecht vum ganze Joer, an erkläert d'Generalversammlung fir opgehuewen.